

LU

Gewalt doheem

# De Bléck op d’Kanner

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l’Égalité entre
les femmes et les hommes

PRO FAMILIA
fondation

ŒUVRE
Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte

Dës Broschür ass mat der wäertvoller Ënnerstëtzung vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte an dem Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer ausgeschafft ginn.

**E besonnesche Merci fir déi generéis Ënnerstëtzung.**

Léif Lieser, léif Lieserinnen,

Dës Broschür riicht sech un Elteren an all aner Persounen am Kontakt mat Kanner a Jugendlechen.

Op de folgende Säite gëtt beschriwwen, wéi Kanner Gewalt an hirem Doheem erliewen, wéi si dës empfannen a wéi si méiglecherweis drop reagéieren. Et gëtt ernimmt wéi eng Konsequenzen haislech Gewalt fir Kanner kann hun, a wéi si am beschte geschützt an ënnerstëtzt ginn. Zum Schluss fannt Dir eng Rei Adresse vun Ulafstellen, déi professionell Hëllef ubidden.

Dës Broschür huet net den Usproch komplett ze sinn, an ersetzt keng Berodung oder Therapie. D'Broschür huet als Zil, iwwer eng wichteg Realitéit fir Kanner, déi Affer vun haislecher Gewalt sinn, opzeklären an Hëllef unzebidden.

PRO FAMILIA fondation

**ALTERNATIVES**
Centre de consultation pour enfants et adolescents victimes de violence

**Virwuert – Fondation Pro Familia**

Gewalt an der Famill verursaacht vill Leed fir d'Affer, deenen hiert kierperlecht, psychescht an/oder sozialt Wuelbefannen kuerzzäiteg oder souguer dauerhaft beanträchtegt kann gi.

Onofhängeg dovun ob Kanner direkt Affer an/oder Zeien vun Gewalt tëschent hiren Elteren sinn, liewen si ganz oft an enger Situatioun vun permanenter Angscht an fillen sech verantwortlech fir dat wat geschitt. Ausserdeem besteet d'Gefor, dass si déi gewalttäteg Modeller vun hiren Elteren iwwerhuelen. Sou Erfarungen féieren zu schwéieren Traumata bei den Kanner an kennen zu eeschthaften Schwieregkeeten um emotionalen a kognitiven Niveau wéi och am Verhalen féieren.

Am Kader vun enger ëmfaassender Approche fir d'Ënnerstëtzung vun den Familien geréiert d'Fondation Pro Familia verschidde Servicer, dorënner den Service ALTERNATIVES, deen dësen Projet an d'Liewen geruff huet. Dësen Service bitt psychologesch an psychotherapeutesch Hëllef fir Kanner a Jugendlecher un, déi mat Gewalt an hirer Famill konfrontéiert sinn. Zanter 2018 engagéiert sech den Service och als Service d'assistance fir mannerjäreg Affer vu Gewalt am Kader vum Gesetz zur haislecher Gewalt. D'Zil ass et „Alternativen" zur Gewalt ze fannen a familiär Bezéiungen opzebauen, déi sech duerch géigesäitegen Respekt auszeechnen.

Fir den Kanner bei der Veraarbechtung vun hiren traumateschen Erliefnisser ze hëllefen a fir d'Elteren an der Entwécklung vun Alternativen zu Gewalt ze ënnerstëtzen, huet denService ALTERNATIVES zwou Broschüren erstallt, déi sech u betraffen Kanner a Familien riichten. Dëst psycho-pedagogescht Material soll déi Professionell an der Begleedung vun de Kanner an hiren Elteren ënnerstëtzen.

E besonnesche Merci gëllt der ganzer Equipe vun ALTERNATIVES fir d'Erstellung vun dësen Broschüren, déi fir professionell Interventiounen ganz wäertvoll sinn.

Doriwwer eraus gëllt e grousse Merci der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte an dem Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer fir d'Finanzéierung vun dësem Projet.

All Situatioun ass anescht an verdéngt et an hirer ganzer Komplexitéit berécksiichtegt ze gin, mee den Prozess vun der Gewalt gëtt an der Reegel net ouni Hëllef vun baussen gestoppt. Ech hoffen, dass dëst Instrument dozou bäidroe wäert eng qualitativ héichwäerteg Begleedung vun Kanner an hiren Elteren, déi mat haislecher Gewalt konfrontéiert sinn, ze assuréieren.

PRO FAMILIA fondation

**Pierrette Meisch**
Directrice vun der Fondation Pro Familia

**Virwuert - Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer**

Kanner si léif an unhänglech, Kanner sinn haart an wëll, Kanner si frëndlech an fuerdernd, virun allem awer si Kanner eis Zukunft. Mir sollen si an hirer Entwécklung ënnerstëtzen, bei hiren Projet'en begleeden an si zu wertschätzenden Mënschen erzéien... dofir brauch et keng Gewalt.

Gewalt ass, wann eng Persoun seng Stäerkt, seng Positioun, seng Muecht oder seng Wieder notzt, fir engem absichtlech wéizedoen oder ze bestrofen. Gewalt géint Kanner ass en absolutten NO-GO: si verletzt, si deet wéi an si zerstéiert.

Obwuel et zu Lëtzebuerg gesetzlech verbueden ass Kanner ze schloen an si kierperlech, psychesch, verbal oder sexuell ze mëssbrauchen, ass Gewalt géint Kanner an Jugendlecher bei eis eng traureg Realitéit. Si kennt an allen vertruedenen Kulturen an an allen gesellschaftlechen Schichten zu Lëtzebuerg vir.

Fir vill Kanner ass hirt Doheem eng Platz wou se Angscht hunn, wou si amplaz Léift an Gebuergenheet Gewalt erliewen. Dat kann a well ech net akzeptéieren, et ass eis gemeinsam Pflicht Kanner ze schützen an hinnen en gewaltfräit Liewen ze erméiglechen. Nëmmen e Liewen ouni Gewalt, erlaabt de Kanner sech z'entfalen, hirt Potenzial auszeschöpfen an e glécklecht Liewen opzebauen - si dobäi ze ënnerstëtzen ass mir e perséinlecht Uleies.

Mir dierfen haislech Gewalt géint Kanner net als Privat- oder Familljenugeleegenheet akzeptéieren, mee mir mussen dës gesamtgesellschaftlech Laascht zesummen an all Dag bekämpfen, well Kanner sinn ëmmer Affer egal ob si direkt oder indirekt betraff sinn.

Well mir Gewalt net verhënneren kennen, mussen mir preventiv agéieren, informéieren an déi betraffe Kanner opfänken fir se beim Opschaffen vun hiren Erfarungen ze ënnerstëtzen an hinnen nei Perspektiven ze weisen.

D'Fondation Pro Familia an d'Equipe vun ALTERNATIVES zielen an dëser Missioun zu mengen wichtegsten Partner, well si an Zesummenaarbecht mat de betraffene Kanner an hiren Elteren Bewältegungsstrategien ausschaffen an hinnen e Wee an eng Zukunft ouni Gewalt weisen.



Dofir en häerzlechen Merci an vill Kraaft fir dës esou wichteg Aufgab.

Mat léiwe Gréiss,

**Taina Bofferding**
Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer

**Virwuert - Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte**

Haislech Gewalt ass eng Laascht, déi eis ganz Gesellschaft betréfft. Et ass eng permanent, awer oft verstoppte Realitéit, well d'Mësshandlungen an der Intimitéit vun der Famill stattfannen.

Haislech Gewalt verursaacht bei de betraffene Kanner, onofhängeg dovun ob se direkt Affer oder Zeien sinn, e grousst Leiden, dat laangfristeg Konsequenze mat sech bréngt. Angscht, Schimmt, Roserei, Trauregkeet, Schold – onkontrolléierbar an oft widdersprëchlech Emotiounen iwwerschwemmen déi betraffe Kanner. Sie mengen, dass si mat hirem Schicksal aleng sinn an traue sech nëmme seelen, sech engem unzevertrauen an no Hëllef ze froen.

D'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte ass sensibel fir déi Noutlag, an där sech déi Kanner befannen, déi vun haislecher Gewalt betraff sinn an huet net gezéckt, d'Fondation Pro Familia bei der Ausaarbechtung vu Sensibiliséierungsbrochüren fir Kanner, hier Elteren a Professionneller ronderëm dës Familien ze ënnerstëtzen.

Andeems een oppen iwwer haislech Gewalt schwätzt, d'Fachpersonal an d'Familien iwwert d'Leide vun den Kanner informéiert a se op hier Bedierfnisser opmierksam mécht, awer och andeems een den Kanner erkläert, dass hier Reaktiounen an Emotiounen normal sinn, dass si mat hirer Situatioun net aleng sinn an dass si Ënnerstëtzung an Trouscht kënne kréien, brécht een den Tabu an hëllt dat Phänomen aus dem Schied eraus.

De Kampf géint haislech Gewalt ass eng kollektiv Pflicht.

Loosst eis zesummen handelen!



**Simone Flammang**
Member vum Verwaltungsrot vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte
Präsidentin vum Comité Jeunes

# Inhaltsverzeechnis


| | |
|---|---|
| Just e Sträit? Oder wou fänkt Gewalt un? | 7 |
| Wat ass haislech Gewalt? | 7 |
| Wéi weist sech haislech Gewalt? | 9 |
| De Bléck op d'Kanner | 10 |
| „Eng op den Hënner huet nach kengem geschuet!"...oder? | 11 |
| Reaktioune vun de Kanner op d'Gewalt | 12 |
| Wat brauch all Kand fir sech gesond ze entwéckelen? | 17 |
| Wat hëlleft de Kanner? | 18 |
| Adresse fir Hëllef | 22 |
| Quelleverzeechnis | 23 |

## Just e Sträit? Oder wou fänkt Gewalt un?

Et ass normal ënnerschiddlecher Meenung ze sinn, an an all Bezéiung gëtt et munchmol Sträit. Zum fairen Ëmgang matenee gehéiert, datt all Partei seng Meenung soen dierf, sech géigesäiteg nolauschtert, an zesummen no Léisunge sicht. Wa Sträit net op Aenhéicht stattfënnt an dem enge säi Wuert méi zielt wéi dem anere säint, gëtt Kontroll ausgeüübt. Dës Dominanz féiert zu séilesche Verletzungen, zu deenen heefeg nach kierperlech Verletzungen dobäikommen.




## Wat ass haislech Gewalt?

Haislech Gewalt (op Franséisch *violence domestique*) si Gewaltdoten an -droungen, déi tëschent Mënsche stattfannen, déi zesumme liewen.

**Dorënner fält Gewalt:**

- an der Koppel
- wärend oder no enger Trennung oder Scheedung
- géint Kanner
- vu Kanner géint hir Elteren
- tëschent Geschwëster
- tëschent anere Leit, déi zesumme wunnen

# Haislech Gewalt riskéiert sech ze steigeren an ze widderhuelen.




*Den Zyklus vun der Gewalt*[1]

## D'Gesetz zu Lëtzebuerg verbitt all Forme vun haislecher Gewalt.

§ Nom Gesetz vun der haislecher Gewalt (*loi du 8 septembre 2003 sur la violence domestique*[2]) besteet d'Méiglechkeet vun enger Mesure d'expulsion. Wa Gewalt ausgeüübt oder ugedrot gëtt, kann d'Police geruff ginn a vum Parquet eng Mesure d'expulsion vum presuméierten Täter vun doheem decidéiert ginn. Déi Persoun dierf 14 Deeg net méi heemgoen an dierf kee Kontakt mat dem oder den Affer hunn. Dës Mesure kann op Ufro vum Affer fir weider 3 Méint verlängert ginn.

[1] Fachstelle für Gleichstellung Stadt Zürich (2010). *Häusliche Gewalt erkennen und richtig reagieren (2. überarbeitete und erweiterte Auflage).* Verlag Hans Huber: Bern.
[2] http://data.legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2003/09/08/n1/jo

# Wéi weist sech haislech Gewalt?

## Psychesch Gewalt

- stänneg kritiséieren
- erofmaachen, mat anere Wierder soen: „Du kanns näischt an du bass näischt wäert“, „Jiddereen hätt et besser gemaach wéis du“, „Du méchs alles falsch!“
- beleidegen
- aschüchteren
- jäizen
- ënner Drock setzen, bedroen
- beschëllegen: „Du hues mech provozéiert“
- d'Meenung net zouloossen
- d'Gefiller net eescht huelen oder ofwäerten : „Du iwwerdreifs“, „Du bass hypersensibel“
- stalken

## Kierperlech Gewalt

- schloen
- stoussen
- mam Fouss rennen
- festhalen
- mam Messer oder engem aneren Objet verletzen
- en neigebuerend Kand rëselen

## Sexuel Gewalt

- sexuelle Mëssbrauch
- ënner Drock setze fir sexuell Handlungen
- géint de Wëllen upaken
- pornografescht Material weisen oder produzéieren

## Ekonomesch Gewalt

- Bankkonten, Bankkaarten an Ausgabe kontrolléieren
- verbidden, schaffen ze goen
- finanziell ofhängeg maachen
- Suen a Besëtz ewechhuelen

## Sozial Gewalt

- Bezéiungen zu Frënn ënnerbannen
- vun der Famill isoléieren
- den Handy a Kontakter kontrolléieren
- aspären

## Vernoléissegung

- Mangel un Opmierksamkeet a Kommunikatioun
- Mangel un Narung a Schlof
- keng ugepasste medezinesch Versuergung
- d'Kand sech selwer iwwerloossen
- keng emotional Zouwendung

Dëst si Beispiller vun haislecher Gewalt, si weist sech awer och nach anescht. Déi ënnerschiddlech Forme vu Gewalt ginn eenzel oder zesummen ausgeüübt.

## De Bléck op d'Kanner

Gewalt doheem betréfft déi ganz Famill. Kanner gesinn oder héiere Gewalt tëschent Familljememberen a spieren eng ugespaante Stëmmung. Si erliewen d'Gewalt, och wann dës net direkt géint si geriicht ass. Zousätzlech besteet d'Gefor, datt si kierperlech verletzt ginn, wa si agräifen, fir zum Beispill een Erwuessenen ze schützen oder d'Gewalt ze stoppen.

Gewalt fënnt net nëmmen tëschent Erwuessene statt, mee riicht sech och direkt géint Kanner. D'Gewalt géint Kanner geet meeschtens vu Persounen aus, déi de Kanner nostinn a fir hire Schutz verantwortlech sinn (Elteren, Grousselteren, Erzéier/-innen oder aner Bezuchspersounen).

**Haislech Gewalt huet en Afloss op de Kanner hiert Wuelbefannen a schuet hinnen. Si leiden dorënner an dofir ass et wichteg, datt d'Gewalt ophält.**

D'Kanner hunn e Recht op eng gewaltfräi Erzéiung an e gewaltfräit Ëmfeld.

**„D'Kanner hunn d'Recht, datt keen hinne kierperlech oder séilesch wéideet."**

Art. 19 vun der Kannerrechtskonventioun vun de Vereenten Natiounen (1989[3])

[3] http://ork.lu/index.php/fr/

# „Eng op den Hënner huet nach kengem geschuet!"...oder?

„Eng op den Hënner ginn" ass kierperlech Gewalt, an all Form vu Gewalt ass schiedlech a strofbar. Och wann nach heefeg ugeholl gëtt, Kanner als erzéieresch Moossnam kierperlech ze bestrofe wier an der Rei, ass dem Gesetz no zu Lëtzebuerg kierperlech a séilesch Gewalt géint Kanner verbueden.

Fir eng gesond Entwécklung vum Kand ass et wichteg, datt d'Elteren hiert Erzéiungsverhalen iwwerdenken an änneren. Kierperlech Strofe mussen duerch alternativ Erzéiungsmethoden ouni kierperlech Iwwerleeënheet ersat gi. D'Kanner brauchen e gewaltfräien Ëmgang mat hire Matmënschen.



# Reaktioune vun de Kanner op d'Gewalt

Haislech Gewalt betréfft d'Kanner a wierkt sech op hir Gefiller, Gedanken, Kierperreaktiounen an hiert Verhalen aus.

## Gefiller

A Situatioune vun haislecher Gewalt empfannen d'Kanner ënnerschiddlech Gefiller:

- Angscht ëm hir eege Sécherheet, déi vun hiren Elteren an hire Geschwëster.
- Roserei, datt een Elterendeel sech net ënner Kontroll huet oder datt si net geschützt ginn.
- Trauregkeet doriwwer, datt si selwer an/ oder Persounen, déi hinnen no stinn, Affer vu Gewalt sinn.
- Si fille sech schëlleg. D'Kanner ginn dovun aus, hiert Verhale wier den Ausléiser fir d'Gewalt.
- Hëlleflosegkeet a Muechtlosegkeet: Si hu keen Afloss op d'Gewalt a kenne se net stoppen. Si si kierperlech ënnerleeën.
- Veronsécherung: Si verstinn net wat geschitt. Si fille sech net gutt opgehuewen an hirem Doheem a verléieren d'Vertrauen an hir Bezuchspersounen.
- Si schumme sech. Si mengen dat géing just hinne geschéien. Si fille sech aleng.

Dës Gefiller trieden zu ënnerschiddlechen Zäitpunkte mol méi a mol manner staark bei de Kanner op, déi vun haislecher Gewalt betraff sinn. D'Kanner léieren am Laf vun hirer Entwécklung duerch de Kontakt mat aneren Kanner oder Erwuessener eréischt, wéi ee mat den ënnerschiddleche Gefiller ëmgoe kann.

Riicht sech d'Gewalt vun enger Bezuchspersoun, där d'Kand nosteet, géint d'Kand selwer, fillt d'Kand sech hëlleflos. D'Kand ass vun der Persoun, vun där d'Gewalt ausgeet, ofhängeg, huet se gär a sicht Léift a Gebuergenheet. Gläichzäiteg fillt d'Kand sech net sécher, ass verletzt an huet Angscht. Dofir fält et dem Kand an dëser Situatioun besonnesch schwéier, no Hëllef ze froen.

## Gedanken

D'Kanner denken iwwer d'Gewalt no a stellen sech Froen. Si sichen no Léisungen a wënsche sech, datt sech eppes ännert.

- „Ech verstinn net, wat geschitt ass."
- „Et ass meng Schold."



- „Ech muss hëllefen, eng Léisung ze fannen. Wat kann ech maachen, fir ze hëllefen?"
- „Wann ech brav sinn, geschitt dat vläicht net méi."
- „Bei deenen anere Kanner ass dat ganz anescht doheem."
- „Dat geschitt just a menger Famill."
- „Wéi geet et der Mamma an dem Pappa?"
- „Wat geschitt elo?"
- „Ech probéieren, mech ofzelenken, mee denken dauernd un dat, wat geschitt ass."
- „Wat geschitt mat mir, wa si sech weider schloen a vernennen?"
- „Muss ech mech elo tëschent der Mamma an dem Pappa entscheeden?"
- „Wie schützt meng Mamm, wann ech net do sinn?"

Mat all dëse Gedanken am Kapp kann d'Kand keen onbeschwéiert Liewen als Kand liewen, huet Schwieregkeeten, sech an der Schoul ze konzentréieren, gutt nozelauschteren, an nei Saachen ze léieren.

Zousätzlech verënnerlecht d'Kand, datt et selwer net derwäert ass, datt seng Bezuchspersounen him positiv Opmierksamkeet schenken. D'Kand entwéckelt en negatiivt Bild vu sech a senge Kompetenzen.

## Kierperreaktiounen

D'Erliewe vu Gewalt rifft ënnerschiddlech Reaktioune vum Kierper ervir wéi z.B. zidderen, séier ootmen, Uspanung, Bauch- a Kappwéi, Iwwelzegkeet, Schweessausbréch, Häerzklappen an/oder méi Sensibilitéit fir haart Geräischer a Stëmmen.

D'Kand kann dës Reaktiounen och no der Gewaltsituatioun nach iwwert eng länger Zäit spieren. Si hunn een Afloss op de Schlof (z.B. Albdreem), d'Iessverhalen an d'Konzentratioun. Et kann zousätzlech zu Réckschrëtt an der Entwécklung kommen, wéi zum Beispill Bettnässen.

## Verhalen

An enger Gewaltsituatioun weist d'Kand, jee no sengen Erfarungen, dräi verschidden automatesch Reaktiounen: fortlafen, agräifen oder erstarren. Dës Noutfall-Reaktioune kënnen no der Gewaltsituatioun net méi einfach ausgeschalt ginn, an d'Kand probéiert opmierksam ze bleiwen a matzekréien, wat ronderëm et geschitt, fir an enger änlecher Situatioun schnell reagéieren ze kënnen. Doduerch verhält d'Kand sech onroueg a stellt méiglecherweis vill Froen.

D'Kanner probéieren e Wee ze fannen, fir mat dëser Situatioun ëmzegoen. Verschidde Kanner wëllen net méi aleng sinn an traue sech net méi esou vill zou. Anerer zéie sech zeréck, hunn net méi sou vill Kontakt mat hire Frënn, a wëllen net méi an d'Schoul goen oder un Aktivitéiten deelhuelen. Nach aner Kanner falen duerch en onkontrolléiert, impulsiivt oder aggressiivt Verhalen op.

Verschidde Kanner sichen d'Gespréich iwwer dat, wat si doheem erliewen, molen, oder spillen d'Gewaltzeenen no. Anere Kanner fält et schwéier, iwwer d'Gewalt doheem ze schwätzen. Dat huet ënnerschiddlech Ursaachen:

- Si hu keng Wierder fir z'erzielen, wat geschitt ass, well hir Sprooch nach net entwéckelt ass.
- Si krute verbueden, iwwer d'Gewalt doheem ze schwätzen.
- Si ginn dovun aus, datt Gewalt zum Familljeliewe gehéiert.
- Si wëllen d'Geheimnisser vun hirer Famill net verroden.
- Si hunn Angscht virun den ugedrote Konsequenzen (z.B. si géingen an en Heem kommen, Trennung vun der Famill, Strofe fir hir Elteren).
- Si schumme sech.
- Si fille sech schëlleg.

Dëst féiert dozou, datt d'Kanner sech aleng spieren. Dëst Gefill gëtt doduerch verstäerkt, datt d'Eltere selwer ënner den Auswierkunge vun der Gewalt leiden an doduerch manner disponibel fir hir Kanner sinn.

Ofhängeg vum Alter vun de Kanner beobacht een ënnerschiddlech Bewältegungsstrategien als Versuch, sech un déi Situatioun doheem unzepassen. Bëbeeë kräische méi, loosse sech net sou liicht berouegen, a froe méi no Kierperkontakt. Jugendlecher riskéieren op schiedegent Strategien zeréckzegräifen, fir mat hirem Erliewen, hiren onangeneeme Gefiller, Gedanken a Kierperreaktiounen eens ze ginn (z.B. Konsum vun Alkohol oder Drogen, Schoulschwänzen, Ritzen oder Delinquenz).

## Konsequenzen op laang Zäit

D'Erliewe vu Gewalt an der Kandheet kann traumatesch sinn. Wann d'Kand aleng bleift a keng Hëllef kritt, huet dëst laangfristeg Konsequenzen. Symptomer, déi eng Zäit no der Gewalt nach unhalen, weisen drop hin, datt d'Erliefnis net verschafft gouf an eng séilesch Verletzung besteet.

Als traumatesch gëllt eng Situatioun, bei där ee Mënsch, selwer oder als Zeien, enger grousser Bedroung ausgesat ass. Symptomer, déi no der traumatescher Situatioun optrieden, si villfälteg an onspezifesch. Wann dës méi wéi ee Mount unhalen, schwätzt ee vun der posttraumatescher Belaaschtungsstéierung.

Eng posttraumatesch Belaaschtungsstéierung weist sech haaptsächlech duerch Reaktioune wéi:

- Vermeidung vun allem, wat mat deem Erliefnis zesummenhänkt
- onkontrolléiert an onerwaarten Erënnerungen un d'Erliefnis („Flashbacks")
- Uspannung an Nervositéit

D'Entwécklung vun engem gesonde Selbstwäert an d'Gefill vu Sécherheet si beaflosst. Doduerch riskéiert een als Erwuessenen ënner anerem Schwieregkeeten ze hunn, stabil Bezéiungen opzebauen oder oprechtzeerhalen an eng gesond Perséinlechkeet ze entwéckelen. Et besteet de Risiko selwer Gewalt auszeüben oder selwer Affer vu Gewalt ze ginn.

Psychesch Stéierungen, déi heefeg no Gewalterfarungen optrieden, sinn d'Depressioun an déi posttraumatesch Belaaschtungsstéierung. No traumateschen Erliefnisser kënnen zousätzlech ënnerschiddlech Symptomer optrieden, déi net de Krittäre vun engem spezifesche Stéierungsbild entsprechen (z.B. Schwieregkeeten mam Schlof, kierperlech Symptomer, Stëmmungsschwankungen, ...).



# Wat brauch all Kand fir sech gesond ze entwéckelen?[4]

## Kierperlech Bedierfnisser

- Ernährung
- Schlof
- Gesondheet
- Hygiène

## Individuell Bedierfnisser

- Wäertschätzung
- Luef
- Feeler maachen dierfen
- Privatsphär

## Sécherheet

- en Doheem
- Schutz viru Verletzungen, Krankheet a Geforen
- Stabilitéit, Uerdnung, Grenzen

## Selbstverwierklechung

- Gefiller weisen
- Spaass hunn
- Fräizäit
- eegen Erfarunge maachen
- selwer Neies ausprobéieren

## Sozial Bedierfnisser

- Léift, Gebuergenheet, sech gutt opgehuewe spieren
- Sozial Kontakter, Frëndschaften
- Virbiller
- d'Recht, d'Mamm an de Papp gär ze hunn

## Bildung

- Reegelméisseg an d'Schoul goen
- Begleedung um schouleschen a beruffleche Wee

Eng kierperlech a psychesch gesond Entwécklung setzt fir all Kand d'Erfëlle vun dëse Bedierfnisser viraus. Bei Kanner, déi Gewalt erliewen, sinn dës Bedierfnisser heefeg net erfëllt. Beim Erliewe vu Gewalt ginn de Kanner hir Grenze verletzt, si fillen sech net a Sécherheet. Eventuell sinn hir Bezuchspersoune mat hirem eegenen Erliewe vun der Gewalt beschäftegt, an esou manner disponibel fir d'Bedierfnisser vum Kand.

[4] Grundbedürfnis-Modell für Kinder und Erwachsene: nach Loose, Graaf & Zarbock, 2013

## Wat hëlleft de Kanner?

D'Kanner sinn net verantwortlech fir d'Gewalt doheem. Si brauchen e séchert Doheem, wou déi Erwuesse sech engagéieren, all Form vu Gewalt ze erkennen an ze stoppen. Falls dat net geléngt, ass et wichteg, sech Hëllef ze huelen, zum Beispill bei Frënn, Famill, der Police, oder enger professioneller Berodung fir Affer, Auteur oder béid Parteien. De Wee aus der Gewalt ass net ëmmer einfach. Fir e respektvollen Ëmgang mateneen ze léieren, brauchen d'Kanner Erwuessener als Virbiller. Sou ka verhënnert ginn, datt si spéider selwer Affer oder Auteur vu Gewalt ginn.

D'Erliewe vu Gewalt an hirem Doheem veronséchert d'Kanner. Si verstinn dacks net, wat geschitt. Et hëlleft de Kanner besser ze verstoen, wann en Erwuessene benennt an erkläert, wat lass ass. Besonnesch wichteg ass et datt d'Elteren dorunner schaffen, e gewaltfräit Zesummeliewen ze erméiglechen an de Kanner ze soen, datt Gewalt ni an der Rei ass.

Kanner fille sech heefeg schëlleg fir dat, wat doheem geschitt. Si gesi sech als Ausléiser fir d'Gewalt tëschent hiren Elteren an an der Erzéiung. Si mengen, si misste sech veränneren, fir datt d'Gewalt ophält a luede sech domat vill Verantwortung op. Et hëlleft hinnen ze héieren, datt et net hir Schold ass.


**Et ass wichteg, sech Zäit fir d'Kanner ze huelen, an se ze encouragéieren, iwwer hir Suergen ze schwätzen.**




Kanner sollen net mat deem, wat si erliewen, aleng bleiwen. Vläicht gëtt et an de Kanner hirem Ëmfeld eng Persoun, zousätzlech zu den Elteren, där se sech uvertraue wëllen, an déi hinnen hëlleft, hir Froen ze beäntweren. Kanner brauchen eng Persoun, déi nolauschtert, freet wéi et hinne geet, an hir Meenung respektéiert.

Am Beräich vun der sexueller Gewalt ass et wichteg, mat de Kanner altersgerecht iwwer hire Kierper an déi sexuell Entwécklung ze schwätzen. Andeems d'Elteren de Kanner hir Grenze respektéieren, liewe si hinne vir, dat jidderee selwer iwwer säi Kierper bestëmmen dierf (z.B. keng Persoun kussen ze mussen, déi een net wëll, bei keen op de Schouss goe mussen). D'Kanner léieren, datt si ‚Nee' soen dierfen, falls hinnen eppes net gefält.

Et ass normal, datt Kanner a Situatioune vu Gewalt veronséchert sinn a ganz ënnerschiddlech empfannen a reagéieren. Si brauchen een Erwuessenen, deen hir Reaktiounen an hirt Verhalen versteet a si dora bestäerkt, hir Gefiller matzedeelen a se mat de passende Wierder benennt.




*All Zort vu Gefiller sinn erlaabt a verännere sech mat der Zäit.*

D'Kanner brauche Léift, Ënnerstëtzung a Luef vun hiren Elteren. Si wënsche sech Zäit mat hinnen, fir angeneem Momenter ze verbréngen. Et ass wichteg, datt d'Kanner an hire Stäerkten an Interessen ënnerstëtzt ginn (z.B andeem se an engem Veräin oder un enger Aktivitéit deelhuelen) an datt se héieren, datt hir Eltere stolz op se sinn. Dat stäerkt hiert Selbstvertrauen a mécht se méi resilient. Verlässlech Bezuchspersounen (Noperen, Léier- an Erzéierpersonal, Trainer, ...), déi Zäit fir d'Kanner hunn, sinn eng wichteg Ënnerstëtzung fir d'Kanner a kënnen hire Selbstwäert stäerken.

E gereegelten Dagesoflaf am gewinnten Ëmfeld vermëttelt Sécherheet. Spill a Spaass zesumme mat hire Matmënsche lenkt d'Kanner of a schenkt hinne schéi Momenter, déi wichteg sinn, fir hir Entwécklung a Gesondheet.



En deeglecht Owesritual[5] kann hëllefen, den Dag positiv ofzeschléissen a besser ze schlofen.

Froot Ärt Kand: *„Wat huet dir haut um Dag besonnesch gutt gefall?"*

Maacht dono eng kleng Otemübung fir zur Rou ze kommen:

*„Lee dech an d'Bett op de Réck.*

*Looss de Kapp, d'Äerm an d'Been einfach roueg leien.*

*Elo kanns du just nach un d'Ootmen denken.*

*Lee béid Hänn op de Bauch a beobacht, wéi de Bauch sech mam Ootmen op an of beweegt.*

*Spier, wéi d'Hänn beim Anootmen auserneenginn, a beim Ausootme beieneekommen.*

*Widderhuel dës Otembeweegung 10 mol."*

[5] Scheidt, I. (2020). *365 Wege zur Achtsamkeit für ein harmonisches Familienleben.* Naumann & Göbel

# Adresse fir Hëllef

Professionell Hëllef fannt Dir bei spezialiséierte Berodungs- an Hëllefsservicer fir Erwuessener a Kanner. Dir kënnt Iech u folgend Adresse bei der Fondation Pro Familia wenden:

**ALTERNATIVES**
Centre de consultation pour enfants et adolescents victimes de violence
**Tel. : 51 72 72-500**

**Espace Femmes**
Centre de consultation
**Tel. : 51 72 72-440**

**Centre de Consultation et de Médiation Familiale**
**Tél. : 51 72 72-200**

**infoMann**
Centre de consultation
(actTogether asbl)
**Tél. : 27 49 65**

**Helpline Violence domestique**
(a Collaboratioun mat der FMPO)
**Tél. : 2060 1060**
**www.helpline-violence.lu**

www.profamilia.lu

Aner Adresse fir Hëllef an Informatiounen iwwer haislech Gewalt fannt Dir ënner **www.violence.lu** oder bei der Police Grand-Ducale.

# Quellenverzeechnis

**Bildungsstelle Häusliche Gewalt Luzern. (2013).** *Vom Glücksballon in meinem Bauch.* Verlag Mebes & Noack: Köln.

**Buchli, R., De Witt-Amrein, C. & Heiniger, F. (2017).** *Traumatische Erlebnisse bei Kindern. Diagnostik und Psychoedukation.* Bildungs- und Kulturdirektion Kanton Bern, Amt für Kindergarten, Volksschule und Beratung (AKVB).

**Fachstelle für Gleichstellung Stadt Zürich. (2010).** *Häusliche Gewalt erkennen und richtig reagieren (2. überarbeitete und erweiterte Auflage).* Verlag Hans Huber: Bern.

**Hofer, T. (2016).** *Wenn das Vergessen nicht gelingt. Informationsbroschüre zur Posttraumatischen Belastungsstörung.* Schweizerisches Rotes Kreuz.

**Kavemann, B. & Kreyssig, U. (2006).** *Handbuch Kinder und häusliche Gewalt.* VS Verlag für Sozialwissenschaften: Wiesbaden.

**Korritko, A. (2019).** Traumafolgen in der Erziehungsberatung. Richtig erkennen und gezielt helfen. Beltz Juventa: Weinheim und Basel. Loose, C., Graaf, P., & Zarbock, G. (2013). *Schematherapie mit Kindern und Jugendlichen.* Beltz Verlag: Weinheim.

**Klappstein, K. & Kortewille, R. (2020).** *Traumatisierte Kinder im Alltag feinfühlig unterstützen. Psychoedukation im Überblick.* Springer Verlag: Wiesbaden.

**Seyfried, D. & Winkler, R. (2008).** *Ein Tag in Pauls Familie. Arbeitsmaterial für kindliche Zeugen von häuslicher Gewalt.* Dgvt Verlag: Tübingen.

**Weinberg, D. (2020).** *Verletzte Kinderseele. Was Eltern traumatisierter Kinder wissen müssen und wie sie richtig reagieren.* Klett-Cotta: Stuttgart.

**Weiß, W. (2016).** *Philipp sucht sein Ich. Zum pädagogischen Umgang mit Traumata in den Erziehungshilfen.* Beltz Juventa: Weinheim und Basel.

**Inhaltech Textgestaltung** ALTERNATIVES - Centre de consultation pour enfants et adolescents victimes de violence (Catherine Capelle a Nadine Steichen)

**Relecture** Béatrice Ruppert a Pierrette Meisch (Fondation Pro Familia) | Françoise Peters | Dr. Katy Seil-Moreels an Dr. Michèle Kayser | Christopher Witry an Isabelle Schroeder, Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer

**Design** accentaigu

PRO FAMILIA
fondation

www.profamilia.lu